# Zwou Laatsche géint ee Puer Schung

## Dem Jempi seng Katastrophen



**Jonas Benkhaddou, Maï Differding, Eric Jung, Metty Jung, Raoul Poupart, Ruth Siebenaller**

**zesumme mam Roland Meyer**

**Commission Culturelle Troisvierges 2003**

## 1. Jurassic Frigo

Elo huet die mam schwaarze Sonnebrëll grad säi Revolver gezunn a leet en un. De Kommissar Jempi weess ganz genee, datt him an dësem Moment just nach bluffen hëllefe kann.

"Revolver-Metty," seet hien an zitt lässeg seng Kravatt riicht, "looss die Klabes dach nëmme stiechen. Du weess ganz genee, datt die Parking emstallt ass!"

E Moment Rou! De Kommissar gesäit, datt de Gangster schwéier um Nodenken ass. Dann huscht ee Grinsen iwwert säi Gesiicht, dat vun déiwen Narben zerschnidden ass.

"Ma Här Kommissar, elo kenne mir eis dach schonns esou laang! A wou soll dann hei nach eng Mënscheséil sinn. Weess du wat? Du bluffs!"

Domadder hat de Kommissar net gerechent. Elo gëtt et brenzleg! Nach ni war hien an esou enger Situatioun. Wat sollt hie maachen? Wann hie stoe bleift, dann dauert et keng fënnef Minutte méi, a säin ale Kolleg, de Revolver-Metty, huet hien e Kapp méi kuerz gemaach. Hie muss sech duerch d'Bascht maachen. Mee wéi?

"Allez, allez, Metty! Dat do huet alles kee Wäert! Wa mir dech haut net kréien, dann ass et fir mar. Et gëtt nëmmen eppes, wat dech elo nach rette kann, an dat ass: Zesummenaarbecht! Wie sinn deng Hannermänner? Fir wie schaffs du?"

"Hahaha, elo fänkt eisen Här Kommissar wierklech un ze zidderen. Datt ech dat nach däerf erliewen!"

De Kommissar kuckt laanscht sech erof. Tatsächlech, seng Fangeren ziddere wéi d'Blieder un engem Bam.

"Guer näischt gleewen ech dir, Kommissar. Honnertmol sinn ech vun Dengesgläichen erageluecht ginn, mee dës Kéier dréien ech de Spiiss em! Dës Kéier ass den Tour un dir!"

Elo héiert de Kommissar, datt hannen an der Däischtert, do wou de Parking eraus op d'Strooss féiert, lues eng Dir opgemaach gëtt. Soll hien iewer net alleng sinn? Hie lauschtert ganz ugespaant an d'Donkelheet.

Och de Gangster hat die Kaméidi héieren. Hien dréit sech ëm a mécht zwee Schrëtt dohinner. Dat ass dem Jempi seng Chance! Wéi de Blëtz spréngt hien op d'Säit a fänkt un an déi aner Richtung ze lafen.

"Stoebleiwen, stoebleiwen!" héiert hien dem Revolver-Metty seng Stëmm hannert sech. A schonns knallt et... an de Loftzuch vun de Kugele fiert him duerch d'Hoer. Hie leeft nach méi séier. Mee et ass, wéi wann hie vun engem Lastik ging zréck gehale ginn. Hie kënnt einfach net vun der Plaz.

"Jempi!" Eng Stëmm rifft hien. Ganz däitlech héiert hie säin Numm. Do nees: "Jempi!" Dat ass net dem Gangster seng Stëmm, mee de Kommissar weess net, wien hie rifft.

De Jempi bleift stoen, dréit sech ëm. Hie kuckt elo an d'Gesiicht vum Revolver-Metty. Dien huet seng Schéiss op



hie geriicht a laacht esou haart, datt dausend kleng Laachfatze vun de plaakege Betonsmaueren zréckhalen.

Dat Lescht, wat de Jempi héiert, ass e kuerzt Knuppen. Dat Lescht, wat de Jempi denkt, ass, datt hien iewer och ëmmer Pech huet...

Da mécht hien seng Aen op. Wéi de Blëtz spréngt hien aus dem Bett, rullt iwwer de Buedem an ass ënner dem Schaf verschwonnen.

"Jempi, bass du elo endlech erwächt?!" Dat war d'Stëmm vun der Bomi Anne-Marie. Hie war gerett! Hie war doheem an hien hat nees eng Kéier gedreemt.

De Jempi kraucht ënner dem Schaf eraus. Hie reift sech mam Aarm iwwer d'Stir a blënzelt an der greller Mueressonn.

"Scho bal 11 Auer, mäi Jong, an du wëlls nach ëmmer net opstoen!"

"Scho gutt, Bomi! Ech hat gedreemt."

"An der leschter Zäit dreems du navell vill!" seet d'Bomi Anne-Marie a rëselt de Kapp.

"Ech sinn hongereg! Ech brauch elo eng gutt Schmier."

A schonns rennt de Jempi d'Trapen erof. Wéi en ënnen an der Kichen ukënnt, gesäit hien séng aner Bomi, d'Bomi Elisabeth do stoen, d'Hänn virun d'Gesiicht halen, an d'Kräiz maachen.



O mamm, denkt de Jempi, haut schonn nees...

Well elo an der grousser Vakanz esou eng Afenhëtzt ass, schléift hien ëmmer ouni Pijama. A mueres, wann hien extra hongereg ass, esou wéi haut, da kann et him emol virkommen, datt hie vergësst, eppes unzedoen.

Der Bomi Anne-Marie, sengem Papp seng Mamm, dier ass dat egal. Mee der Bomi Elisabeth, senger Mamm hirer Mamm, ass dat guer net egal. Si stellt sech dann, wéi wa si nach ni e plakege Jong gesinn hätt. An dobäi ass de Jempi, dat fënt hie perséinlech, op d'mannst en immens sportlechen a flotte Kärel.

Also nees séier d'Traapen erop. D'Bomi Anne-Marie huet him eng kuerz Box an en T-Shirt op d'Bett geluecht. Séier huet de Jempi alles un a schonns ass hien op en Neis ënnerwee fir an d'Kichen.

"De Frigo ass futti!" Mat dëse Wierder gëtt hien an der Kichen eng zweete Kéier vun der Bomi Elisabeth empfaangen.

"Ou, da musse mir elo en neie Frigo kafen." Et ging iewer och esou lues Zäit ginn, dien ale Schrottkoup duerch en neien ze ersetzen.

"Dat kënnt net a Fro! Die Frigo do ass nach en aalt Ierfstéck vun dengem Bopi Marcel. An dat war e Mann, dien huet alles gutt versuergt. Do ass et sech näischt nei ze kafe ginn, wa mat diem alen nach eppes unzefänke war.

An der Kichen huet et no waarmer Mëllech geroch. De Jempi huet waarm Mëllech gehaasst. Mee trotzdeem krut hien all mueres eng Taass waarm Mëllech vun der Bomi Elisabeth dohi gesat. An dat elo schonns zanter bal zwee Joer.

Well zanter bal zwee Joer wunnt hien hei bei sengen zwou Bomien, der Bomi Elisabeth an der Bomi Anne-Marie. An zanter bal zwee Joer huet hien och all Mueres eng waarm Mëllech um Kichendësch stoen, déi hien ni uréiert.

"Ech wëll keng waarm Mëllech!"

"Ma Jempi, waarm Mëllech ass dach esou gesond! Wéi wëlls du dann e grousse staarke Jong ginn, wanns du keng waarm Mëllech drénks?!"

"Ech haasse waarm Mëllech, ech kann de Geroch net richen an de Geschmaach net schmaachen. An dann dien Torschong,

dien ëmmer drop schwëmmt. Ni a mengem ganze Liewen drénken ech waarm Mëllech. Hues du dat elo verstanen?!"

"Ma Jempi, ech mengen et dach nëmme gutt. Wou kanns du nëmmen esou rabbelkäppeg sinn?"

"Ech sinn net rabbelkäppeg. Ech wëll just keng waarm Mëllech. Wat ass da mam Frigo lass?" Dem Jempi war den Appetit elo zerguttst vergaangen.

"Jo, Jempi, du muss nom Frigo kucken, d'Mëllech ass scho ganz sauer!"

"An déi sollt ech elo drénken?" De Jempi rëselt de Kapp. Heiansdo wënscht hie sech, hie ging näischt vun Technik verstoen. Et ass nämlech all Dag dat selwecht: "Jempi hei, Jempi do. Jempi kuck emol no der Heizung; de Fernseh ass och schonn nees futti, an der Bomi hire Fön gëtt schonns zanter zwou Wochen net méi waarm..."

Eng Kéier muss hien nom Mixer, déi aner Kéier no der Wäschmaschinn kucken. An dacks ass dann de Mixer net ugeschlooss, an déi dreckeg Wäsch gouf an den Trockner amplaz an d'Wäschmaschinn gedruddelt.

A well esou Aarbechten ëmmer un him hänke bleiwen, a well hien esou och elegant laanscht d'waarm Mëllech kënnt, kuckt hien nom Frigo, wëll jo een et muss maachen.

Et war nach dier ganz aler een, ronn Ecken, mat blénkegem Grëff, e Motor, dien immense Kaméidi gemaach huet. Wéi de

Jempi d'Dir opgemaach huet, ass d'Luucht net ugaangen. Et war also definitiv keen Elektresch dran. Hien huet direkt nom Stecker gekuckt,... mee dat war et dës Kéier emol net. De Stecker stouch bommefest an der Steckdous.

Also huet de Jempi net gezéckt. Hien ass an de Keller gejauft an huet d'Geschierkëscht eropgeschleeft. An dunn ass et ganz séier gaangen.

Wéi de Blëtz hat hien de Frigo opgeschraupt: Dat gesouch ganz no engem "altertümleche Black-out" aus. Diem Frigo war kaum nach ze hëllefen, die ging et keen halleft Joer méi packen. De Jempi huet déi al verraschten a verkrusten Dréit ausgewiesselt, huet ganz vill geschraupt an och soss gekniwwelt a gefréckelt, an du sot hien, datt et gutt wir, beim Elektriker schonns emol en neie Frigo ze bestellen, well hien net wéisst, op dat gutt aalt Stéck jemools nach eng Kéier ging eng eenzeg Këscht Mëllech killen.

"Dat ass eng gutt Iddi, Jempi." D'Bomi Anne-Marie war elo och an der Kichen, a si huet agesinn, datt dien ale Frigo misst durch e modernen ersat ginn.

"Papperlapapp! Dat ass e Stéck vu mengem Mann. Die gëtt net einfach esou op de Sperrmüll ginn. Hues du héieren!"

Maja, huet de Jempi geduecht, dann ass et elo emol nees esou waït: déi zwou Bomie gerode sech an d'Hoer. Soss huet hien dat nach flott a lëschteg font, haut fënt hien et nach just topech.

Dat bescht wir, huet de Jempi geduecht, de Frigo erof an de Keller ze schleefen. Do hat hie sech säin Atelier ageriicht. Do konnt hien a Rou um Apparat schaffen. An engems war Plaz fir dien neien hei uewen an der Kichen, an doriwwer eraus war hien dienen zwou Bomien um Kriegspfad lass. An dat war fir den Ufank dat Wichtegst.

Nëmmen d'Autopsie vum Frigo war net wierklech eng gutt Saach, well de Jempi hat elo emol fir e puer Deeg drun ze schaffen, an hie koum esou net méi eraus an d'Sonn. Schliisslech waren et déi lescht Deeg vun der grousser Vakanz, a vun diene sollt ee profitéieren. De Jempi hat de Frigo total auserneegeschrauft, an dat eenzegt, wat hie sech wierklech gewënscht huet, war, datt hien e virum 15. September nees zusummegebaut kréich, well de 15. September, dat weess dach all Kand, fänkt d'Schoul un.

"Ech muss elo eng Nuetsschicht aleeën", denkt de Jempi, soss gëtt dat näischt. Nëmmen esou eng Nuetsschicht ass net esou einfach. Matsen iwwer dem Schrauwen ass de Jempi ageschlof, am Keller virum Frigo. A wéi hien erwächt, no ville Stonnen um haarden a kale Kellerbuedem, héiert hien e komescht Rumoueren aus dem Apparat.

"Dat kann dach net sinn!" seet hien sech. "Wat war dat do?"

Hien dréckt säin Ouer fest widder die kale Metall a lauschtert ganz genee.

Tatsächlech! Dobanne schäert eppes. Dann ass et nees roueg, dono juppelt et hin an hier, dann nees Rou, an elo hurelt et wéi ee klengt Kand.

A wat soll dat da sinn?

De Jempi mécht fënnef Minutte guer näischt, probéiert just erauszefannen, ob dëst nees ee vun senge sëllegen Dreem ass, déi hien an der leschter Zäit esou dacks hat, oder ob et wierklech d'Wierklechkeet ass. Hien hofft dës Kéier ganz fest op en Dram.

Dann hëlt hien säi ganze grousse Mutt zesummen a mécht lues a virsiichteg  d'Dir vum Frigo op. Pling, geet et eng Kéier, an d'Luucht spréngt un.

An do gesäit hien ee klengt gringt komescht Déier, mat grousse gringe Glubschaen, dat op d'mannst grad esouvill Angscht hat wéi hien.

"Wat ass dat nëmme fir een Déier?", denkt de Jempi. "Op alle Fall gesäit et emol aus wéi een Dinosaurier... Normal ass dat net! Wéi kënnt esou een Déier an de Frigo?"

No laange Recherche fënt de Jempi dann endlech eraus, datt et sech tatsächlech em en Dinosaurier handele muss. Et ass ee Béischt vun der ausgestuerwener Zort vun de Frigosaurier, aus dem fréisten Trias, oder och dem spéide Jura. Dat ass eng Sensatioun!



Elo heescht et, die Frigosaurier séier a sécher virun dienen zwou Bomien ze verstoppen, well déi hätte fir esou wësseschaftlech Experimenter sécher net den Nerf.

## 2. D'Zoé kritt alles verzielt

Wéi laang sinn dach esou grouss Vakanzen, am Ufank, wann een nach zwee Méint viru sech huet. Et mengt een, se kréichen ni en Enn! An ir een sech emsinn huet, ass et esou wäit: fir d'éischt dauert d'Freed nach just eng Woch, dann nach dräi Deeg, an dann heescht et: hues du de Schoulsak gepaakt, mar geet et nees lass.

An elo ass et de 15. September, siwen Auer mueres, de Wecker schellt, an de Jempi muss an d'Schoul. Et war fir ze kräischen! Elo hätt hien emol e puer Woche Vakanz gebraucht, fir sech em säin Dino ze këmmeren, fir him e Ställchen ze bauen, e gutt ze fidderen an e virun de Bomien ze verstoppen.

Mee nee, haut ass dien éischte Schouldag, an dorunner ass näischt ze änneren. Also séier aus de Fiederen, d'Fieder ënner dem Bett eraus gekroopt; d'Schachtel trëllt och nach ëmmer do ënnen an der Spënnchen, an de Schoulsak läit zanter dem Scouts-Camp an der Wäschkichen...

Wat eng Aarbecht! Elo deet et dem Jempi schonns leed, datt hie gëschter iewer och guer näischt fir d'Schoul präparéiert hat. Ëmmer dat Opschubsen!

Wéi de Schoulsak endlech gepaakt, d'Schmier fir an der Paus geschmiert an d'Bomien  Äddi-gekusst waren, ass de Jempi wéi de Blëtz a säin Atelier gejauft, fir no sengem Dino ze kucken. Schliisslech muss die Klenge jo eppes ze baffe kréien.

Die "Klengen"???

Ma dat war gutt gesot. Die war iwwer Nuecht op d'mannst en halwe Meter gewues. Hien hat elo spilles d'Gréisst vun engem zolitte Schäferhond. De Jempi ass erféiert an der Dir stoe bliwwen. Esou ganz huet hien diem Béischt net getraut.

Mee wéi den Dino dunn de Kapp gehuewen huet an hie mat senge grousse gringen Dinosglubschaen ugeglubscht huet, du wousst de Jempi, datt den Dino esou grouss kënnt gi wéi e wollt, si wiren ëmmer gutt Kollegen.

Eppes huet de Jempi iewer ëmmer nach net verstanen, an dat war, wéi den Dino an de Frigo koum. Sollt hien eng Zort

Zäitmaschinn gebastelt hunn, ouni et ze wëssen, just duerch säi Kniwwelen a Fréckelen un dienen alen Dréit a Schrauwen. Dat war schonns eng komesch Saach...

Den Dino hat Honger, dat huet een him direkt ugesinn. Mee wat maachen? Wat frësst esou e Béischt aus der Urzäit?

Hanner der Stellage stung nach e Sak Kanéngerchesfudder. De Bopa Marcel hat ëmmer Kannéngercher. Wéi hie gestuerwen ass, huet d'Bomi Elisabeth decidéiert, datt d'Kanéngercher och elo misste stierwen. Se sinn all geschluecht ginn an an der Tru geland, an d'Fudder ass hei ënnen am Atelier leie bliwwen.

"Wann et gutt fir d'Kannéngercher war, dann ass et och gutt fir ee Frigosaurier", huet de Jempi sech gesot, an de Sak schéi propper virun den Dino getesselt.

Dien huet eng Kéier kuerz dru geschnuppert, mat senger laanger gespléckter Zong dru geleckt, dunn de Mond opgerass, an een Zock waren d'Käre mat der Pabeierstut verschwonnen.

De Jempi huet sech d'Ae geriwwen, esou eppes hat hien nach ni gesinn. Die Borscht elo hat nawell en zolitten Appetit! Wann die weider esou frësst, da ginn et Problemer, fir hie sat ze kréien.

Ënner der Kellertrap gouf et e grousse Wandschaf, dien ni benotzt gouf, well d'Dir geklemmt huet. Et huet een ëmmer missen eng zing Minutten um Reedel rosen, fir se op ze

kréien. Dofir gëtt die Schaf dann och ni benotzt an e steet eidel: déi perfekt Stopp fir den Dino!

De Jempi dréckt den Dino lues beim Hënneschten a Richtung Trap. Igitt, die Kärel ass jo ganz kal. Dat ass iewer een ellent Gefill! Mee Dinosaurier gehéieren zu den Echsen, an d'Echse gehéieren zu de Reptilien, an d'Reptilie gehéieren zu de Kaltblüter, an déi si kal. Esou hat de Jempi et am "Was ist was"-Buch iwwer d'Dinosaurier gelies an elo huet hien och gespuert, datt dat esou stëmmt.

Ouni vill Méi ass den Dino am Wandschaf verschwonnen, an de Jempi huet de Reedel zougestouss. Den Owend gëtt dat zwar e puer Problemer fir de Buttek nees opzekréien, mee bis dohinner ass et nach laang. Den Dino ass elo emol gutt ënner Daach.

Séier erop, d'Jackett un a fort an d'Schoul. O mamm, elo ass et schonns fënnef vir aacht! Dien éischten Dag schonns ze spéit kommen ass net onbedingt déi fein englesch Manéier.

An der Stuff jauft schonns de Robbi zwëschen de Been vum Dësch erduerch. De Robbi ass e klenge Roboter, dien de Jempi fir déi zwou Bomien entworf huet. Die ka botzen! E muss just nach e bësse weiderentwéckelt ginn, dann ass e perfekt. Heiansdo klemmt en nach, oder e bléist den Dreck zum viischte Rouer eraus, amplaz datt en en erasuckelt. Mee dat ass iewer normal, fir esou ee Prototyp. De Jempi denkt drun, e Patent fir de Robbi unzemellen, mee vläicht gëtt dat och e bëssen ze deier, emol kucken...



Knapps war de Jempi an der Schoul ukomm - natierlech eng gutt Véierelstonn ze spéit - du gouf et och schonns déi éischt Strof fir dëst Joer, an dat dien éischte Schouldag, eng Schan iewer och!

Mee hie konnt dem Schoulmeeschter dach net verzielen, datt hien doheem nach no engem Dinosaurier aus dem Frigo, an no engem Roboter, die Stëbs suckelt, huet misse kucken. Fir esou Wouerechte fehlt et de Schoulmeeschteren an der Regel un der néideger Fantasi.

Also huet de Jempi net laang gemeckert an en huet de Rescht vun der Däitschstonn iwwert sech ergoe gelooss. Hien huet sech op d'Paus gefreet. Well an der Paus, do ging hien endlech seng Frëndin Kätti erëmgesinn. Hatt war mat sengen Elteren déi dräi lescht Woche vun der Vakanz fort

an d'Vakanz, op eng Vulkaninsel hat hatt gesot, oder esou eppes Ähnleches. Si sinn eréischt gëschter nees heem komm.

D'Zäit ass an ass net erëmgaangen! An der Vakanz verflitt se séier wéi en TGV, an an der Schoulzäit ass et, wéi wann den Zär op der Auerscheif festgeneelt wir.

Endlech huet et geschellt, an de Jempi ass eraus an den Haff gelaf: an hir Höhl. D'Höhl ass dem Kätti an dem Jempi hir "Geheimplaz" am Schoulhaff. Et ass eng Heck, an déi een erakrauche kann. Dat gesäit dann e bëssen aus wéi eng Höhl. Do ass een dann zimlech ongestéiert. Déi meschte Kanner wëllen net do eran, well een sech ëmmer zolitt knaschteg mécht, wann een iwwer de Buedem kraucht, an déi meeschte Kanner wëllen sech net knaschteg maachen, well se esou schéint an deiert Gezei unhunn.

"Salut Jempi, dech hunn ech iewer laang net méi gesinn!" D'Kätti war schonns dobannen an huet op hie gewaart, a seng Box war och schonns zolitt knaschteg.

"Salut Kätti, wéi war et an der Vakanz?"

D'Kätti an de Jempi sinn net matenee gaangen. Also, si hunn sech einfach gutt verstanen, si ware richteg gutt Frënn, mee si waren net aneneen...

D'Kätti huet elo alles vun der Vakanz verzielt. Hatt a seng Famill waren op enger Vulkaninsel gewiescht; hatt war op enger Banann iwwer d'Waasser geridden, am Club hat hatt sech en T-Shirt gemoolt a si haten en Auto gelount, fir alles

op der Insel ze gesinn. Hatt war richteg begeeschtert a wollt dem Jempi just verzielen, wéi eng Fësch datt hatt beim Schnorchelen erbléckst hat, wéi et op eemol am Tunnel, dien an d'Höhl féiert, geraschelt huet.

"Moien, ech sinn d'Zoé!" sot e Meedchen, dat de Jempi op der Plaz fir dat allerschéinstend Meedche vun der ganzer Welt gehalen huet, an diem seng Boxebeen och elo gutt knaschteg waren. Dem Jempi ass de Mond opstoe bliwwen, an hien huet d'Zoé ugekuckt wéi en Déier am Zoo.





"Du kanns de Mond nees zoumaachen!" sot d'Kätti, "soss flitt der nach eng Méck an d'Strass!" An du kuckt hatt d'Zoé mat virwëtzegen Aen un: "Bass du nei hei an der Schoul, ech hunn dech nach ni gesinn?"

D'Zoé huet fest mam Kapp gewénkt. Dobäi huet de Jempi ganz genee dem Zoé seng Keilchen am Kënn erbléckst. Alleng déi Keilchen am Kënn wir schonns duergaangen, fir datt sech de Jempi op der Plaz mam Zoé bestuet hätt.

"Jo, mir wunnen elo an der Kräizgaass. Déi lescht Woch si mir heihinner geplënnert. Et ass flott hei. Ech wunne gär hei."

An dunn huet d'Zoé alles verzielt, vu wou hatt kéim, firwat si geplënnert waren, wat hatt gären ësst, wouran hatt gutt an der Schoul wir, wouran hatt net esou gutt wir, datt hatt gäre Futtball ging spillen, am Veräin, mee datt hatt net wéisst, ob et hei iwwerhaapt e Futtballsveräin ging ginn an ob Meedercher do kënnte mat hëllefen, an nach dausend Saachen op eemol, déi de Jempi alleguer immens opreegend font huet...

De Jempi konnt just nolauschteren a mam Kapp wénken. Alles rondrëm hien huet ugefaangen ze dréinen, mee hien ass net dronke ginn.

Op eemol huet hien sech selwer verzielen héieren; e wousst net wéi dat gaange war. Hien huet vu dienen zwou Bomie verzielt, dem Anne-Marie an dem Elisabeth, vun dem Robbi, dien hie selwer entworf a gebaut hat, vum Patent, dat hie fir de Robbi wollt umellen, an dunn och vum Akzident virun zwee Joer, bei diem seng Mamm a säi Papp gestuerwe waren. Dunn huet hie verzielt, datt am Testament stung, datt déi zwou Bomien, d'Bomi Anne-Marie an d'Bomi Elisabeth, sech missten em hie këmmeren, datt seng Elteren dat also esou gewollt haten, datt d'Bomien dofir dat Haus hei kaaft hätten an datt déi zwou al Trutschen sech iewer net esou gutt ginge verstoen, mee datt si dat elo wéinst him senger a wéinst hire Kanner ginge maachen...



Him sinn d'Wierder einfach esou aus dem Mond gespruddelt komm. An elo huet hien héieren, wéi hien dem Zoé och nach vun dem Dino aus dem Frigo verzielt huet. Neen, hien huet sech net genéiert, net geschummt. Hien huet einfach drop lass verzielt, datt den Dino haut de mueren eng ganz Tut Kannéngerchesfudder verdréckt hat an datt en elo am Wandschaf ënner der Kellertrap séitz op de Jempi ze waarden. An datt hie fäert, wann eng vun dienen zwou Bomien den Dino entdeckt, datt et da Rapp a Klapp gëtt, an datt d'Bomien hien am Fong guer net bei sech wëllen hunn, datt si och guer net beienee wunne wollten, an datt si dat just wéinst dem Jempi sengen aarmen Elteren, déi virun zwee Joer bei diem schrecklechen Akzident leie bloufen, gemaach hunn...

Déi ganzen Zäit, wou de Jempi verzielt huet, sinn dem Zoé seng schéi gring Aen - jo, hatt hat déi selwecht Aefaarf wéi de Frigosaurus - ëmmer u senge Lëppse peche bliwwen. Säi ganzt Gesiicht huet gestraalt, an hatt huet zolitt iwwer dem Jempi seng Dommheete gelaacht.

An dunn huet et geschellt! Einfach esou! Schrecklech, d'Paus war eriwwer, si hunn nees missen an hir Klassen...

## 3. Der Däiwel ass lass!

Um ganze Wee fir heem hat de Jempi just d'Zoé viru sengem geeschtegen Ae gesinn. Hie krut et einfach net aus sengem Kapp. Bei alles, wat hien erbléckst huet, bei alles, u wat hie geduecht huet, ëmmer huet hien och un d'Zoé missen denken. Dat war scho komesch; esou eppes war dem Jempi nach net virkomm.

Hie konnt et bal net gleewen, mee esou muss et sech ufillen, wann een sech verléift!

Knapps hat hien doheem d'Dir opgemaach, du sinn him déi Gedanken iewer och schonns verflunn.

Scho vun der Strooss aus hat hien d'Bomi Elisabeth héiere fluchen an d'Bomi Anne-Marie kräischen. Aus der Stuff koume Geräischer wéi bei enger Formel-1-Course.

Séier ass de Jempi zu der fiischter Dir eragesprongen. Wat sollten d'Bomien dann dës Kéier gestëbst hunn?

Et war de Robbi, o mei, wou konnt hien dat nëmme vergiessen! De Robbi ass die klenge Botzroboter, dien de Jempi fir d'Bomien an der leschter grousser Vakanz konstruéiert huet an dien hinne beim Botzen hëllefe sollt. De Jempi hat en iewer esou programméiert, datt wann e während zwou Stonnen dem Jempi seng Stëmm net ging héieren, hien alles verkéiert sollt maachen: amplaz de Stëbs ze suckelen, späitzt hien de Stëbs eraus, amplaz d'Botzwaasser opzedréchnen, schwämmt hien neies aus

sengem Bauch, an amplaz d'Spull ze maachen, raumt hien de ganzen Service aus dem Schaf a begladdert e mat dem Gebeess aus der Spënnchen.

De Jempi hätt onbedingt missen dorunner denken, datt elo d'Vakanz eriwwer wir, an datt hien de Roboter misst ëmprogramméieren. Schliisslech ass hien elo all Mueren op d'mannst véier Stonnen aus dem Haus, an den Empfänger vom Robbi ka seng Stëmm net héieren.

"Jempi, da kuck dach nëmmen, elo rennt en och nach d'Trapen aus!" D'Bomi Elisabeth war ausser sech. Mam Biesem an der Hand stung si am Gank an huet diem klenge Roboter nogekuckt, dien huerteg wéi de Wand d'Trap op gejauft ass an ënnerwee nach der Bomi Anne-Marie hir Vase aus dem Guatemala erofgestouss huet.

D'Bomi Anne-Marie war net ze gesinn; et huet een si just aus der Kichen héiere kloen. Si hat de Kampf, wéi et schingt, schonns opginn.

Uewen um éischte Stack verschwënt de Robbi am Schlofzëmmer vun der Bomi Anne-Marie. Dobanne rumouert e keng zing Sekonnen, du kënnt en nees eraus mat der ganzer Bettwäsch: hien huet also der Bomi Anne-Marie hiert Bett ofgezunn!

A schonns ass hien an der Bomi Elisabeth hirem Zëmmer verschonnen. Och do nees e kuerzt Rumoueren, a schwupp ass och hiert Bett ofgezunn.

De Jempi ass esou séier wéi méiglech hanner dem Robbi hiergelaf an huet probéiert, en ze erwëschen. Mee dat war méi einfach geduecht wéi gemaach: all Kéier wann hien dee klengen Apparat wollt mam Schlawittchen huelen, huet dien sech op der Plaz gedréint an ass an eng aner Richtung gebriedert.

Elo huet de Jempi sech selwer verflucht. Hätt hien dach nëmmen eng manner kompliziéiert Maschinn gebaut, hätt hien dach nëmmen net verhënnere wëllen, datt déi zwou Bomien de Robbi kënnten afänken, da wir elo villes méi liicht. Mee esou...

De Robbi gaast elo mat onheemlechem Wuppes an d'Buedzëmmer. A, denkt de Jempi, do entwëscht e mir net! All déi Wäsch, déi e vun de Better gerass huet, druddelt en elo an d'Dusch. Hie mécht sécher selwer gären eng Wäsch. De Jempi stierzt an d'Buedzëmmer a wëllt dem Robbi d'Braus aus der Roboterpout rappen. Mee de Robbi war méi séier. E Stral äiskaalt Waasser huet de Jempi nees aus der Buedkummer op de Gank gedriwwen. An elo huet een och hie fluchen héieren.

Ir de Jempi nees richteg zou sech koum, ass de Robbi och schonns iwwert séng Féiss d'Trapen erof gejauft.

Vun ënnen aus der Stuff huet een héieren, datt d'Bomi Elisabeth och nees an d'Schluecht mat agegraff hat. Si ass duerch d'Stuff hanner dem Robbi hiergewiescht, an dem Kaméidi no ze uerteelen, huet si mat der Biischt elo just de Kristallslüster geroden, dien an dausend Schierbele brécht.

De Robbi sengersäits schingt am gaangen ze sinn, dien deiere parzeläins Servise aus dem antike Schaf ze puchen, dien d'Bomi Anne-Marie just wëllt erausshuelen, wa ganz dichtege Besuch op Besuch ass.

Elo ass och de Jempi - scho ganz ausser Otem - an der Stuff ukomm: wat ee Chaos! Millioune Schierbelen duerch die ganze Raum; de Robbi schëtt am Moment grad all dem Bopa Marcel seng al Drëppen an d'Blummendëppen, fir d'Blummen ze netzen; die ganzen Servise läit an der Schmini, een déckt Stéck Holz drop, fir datt d'Feier och nach laang soll brennen, an d'Bomi Elisabeth huckt op dem Kanapé, aus diem en ettlech raschtesch Fiederen erausluussen, a rappt d'Aen all Sekonn méi wäit op.

Direkt fiert et dem Jempi duerch de Kapp: elo wäert d'Bomi dach keen Häerzinfarkt kréien!

Mee et bleift him keng Zäit, nach laang doriwwer nozedenken. Aus dem Keller héiert een en zolitte Kaméidi, esou wéi wann de Reedel vum Wandschaf ënner der Trap mat Gewalt opgebrach gi wir.

A genau dat war geschitt! Den Dino, vum Honger a vum Kaméidi am Haus gedriwwen, war einfach duerch d'Dir spadséiert. Grad elo huet hien sech duerch d'Kellertrap gequëtscht an ass an der Kichen amarschéiert.

Wouhier de Jempi dat wousst? Ma d'Bomi Anne-Marie huet voller Angscht gehurelt, wéi de Béischt an der Kichen opgedaucht ass.

Et war iewer och fir ze erféieren: de Frigosaurus war op d'mannst nees duebel esou grouss wéi nach de Muere fréi. Mat groussem Appetit huet en sech elo iwwer d'Eër hiergemaach, déi um Kichendësch stungen. Hien huet se einfach mat der Schuel gefriess. Dono ass e Kilo Miel mat der Tut a senger Schnëss verschwonnen, a gläich drop huet en d'Uebst vum Kicheschaf gebotzt.

Wat hat die Kärel en Appetit!

Elo huet den Dino an de Gaart erausgeluust an do all déi schéin Zaloten, Poretten, Muerten, Kabeskäpp, Ierzen, Ënnen, Bounen an och dien zaarte Péiterséileg gesinn.

Hien huet eng Kéier geschnauft a scho war hien op der Terrasse. Dobäi hat hie vergiess, d'Terrassendir opzemaachen. Hie war einfach derduerch gaangen.

De Jempi wousst, datt et elo un der Zäit wir, ze handelen. Hien huet den Telefon gekroopt an den 112 ugeruff. Sollten déi sech em die verfroossenen Dino këmmeren! Mee Quetschen och! Gehéierlech vernannt huet de Mann vum 112 hien. Ob hien net wéisst, datt een sech mat dem 112 kee Spaass dierft erlaben, do ging et em Liewen an Doud, an hie wir de Keeser vu China, esou ee Blödsinn, en Dinosaurier am Gaart an e Roboter am Haus, an iwwerhaapt, hie sollt emol séier anhänken...

Dat huet de Jempi dann dunn och gemaach; et huet kee Wäert, Erwuessener wëlle vun eppes ze iwwerzeegen.

De Robbi war an der Zwëschenzäit roueg ginn; seng Batterie waren elo eidel. Wéi de Jempi nach eng Kéier an de Gaart geluusst huet, gesouch hien, datt och den Dino verschwonne war. Hie war duerch den Zonk an den Nopeschgaart an hat do grad esou geplout wéi an hirem Gaart. Dono war en an dienen nächste Gäert verschwonnen.

De Jempi huet och elo d'Sirene vun de Pompjeesautoen héieren. Et wäerte wuel nach aner Leit mam prësséierten, eeschte Mann vum 112 geschwat hunn, an déi kruten en da wuel iwwerzeecht.

"An d'Heem! Vu mar un gees du an d'Heem!" Do waren sech déi zwou Bomien emol eng Kéier eens. Zesumme stungen si an der Stuffendir an hu just dës zwee Sätz erausbruecht.

Mee de Jempi wousst, datt déi eescht geméngt waren. Déi zwou al Trutsche wollten him scho laang lass ginn, an elo haten si e gudde Grond, fir dat duerchzesetzen.

## 4. De Jempi muss an d'Heem

Dem Jempi war dat am Fong ni esou bewosst. Déi zwou Bomie sinn net gutt mateneen auskomm. Si si just zesumme geplënnert, well dat esou am Testament stung. Mee si louche sech dacks an den Hoer. Si hunn de Jempi bei sech opgeholl,

just well dat am Testament stung. Mee och mat him hate si sech dacks an den Hoer.

D'Bomi Anne-Marie war eng ganz pingeleg, fein Tata aus der Staadt, déi et net gewinnt war, hei um Land ze wunnen. Wat huet déi am Ufank geklot, datt hei alles esou onkamout wir, datt een esou wäit misst lafen, bis een an en uerdentleche Buttek kéim, an datt et am Duerf nach no Mëscht ging sténken.

Domadder hat d'Bomi Elisabeth zwar kee Problem, mee si wollt alleng wunnen; si wollt hiert Haus weder mat enger Bomi Anne-Marie nach engem Jempi deelen. Si war eng verdaddert, verdréchend a rosen al Matant, déi nëmmen drop gewaart huet, fir kënnen iwwert iergend eppes ze kloen oder ze kregéilen. An hat si emol eng Kéier e Grond font, dann huet si sech net ginn.

Esou hunn elo op der rietser Säit vun hirem Haus schonns déi zweet Nopere gewunnt, an op der lénker esouguer schonns déi drëtt. Alleguer goufe vun dienen alen Trutschen erausgëeekelt: déi eng krute Kuch an Taart mat Salmonellen zerwéiert, déi aner eng Portioun Rategëft an de Kaffi geschott; vu dienen drëtten hunn déi zwou al Wiederhexe verzielt, se gingen hir Kanner net wäschen; vun diene véierte gouf geschwat, si hätten eng ustiechend Krankheet mat aus der Vaknz bruecht.

An déi fënneft Famill ass guer net an hiert neit Haus op dier rietser Säit agezunn, well d'Bomi Anne-Marie hinne bei

enger Taass Rategëft-Kaffi verzielt hat, an hirem Haus ginge Geeschter hiert Onwiesen dreiwen.

Dofir huet et de Jempi net gewonnert, datt och hien elo sollt plënneren. Mee hie konnt et iewer net esou richteg gleewen; schliisslech stung jo iewer am Testament vu sengen Elteren, also de Kanner vun de Bomien Anne-Marie an Elisabeth, datt hie sollt zesumme mat hinnen an dësem Haus wunnen.

"Testament hei, Testament do," sot d'Bomi Elisabeth an huet eng déck Schlupp Brennesselstéi gedronk, vun dier se direkt den Hick krut, "elo ass d'Faass voll, hick, an elo hu mir d'Nues voll, hick, 'lo gees du aus dem Haus. Hick!"

"Zevill ass zevill!" huet sech och d'Bomi Anne-Marie zu Wuert gemelt, "da kuck nëmmen, wéi eist schéint Haus erausgesäit, iwwerall Schierbelen, de Keller ass e Schwäistall ginn an am Gaart gesäit et aus wéi am Bauer senger Wiss. An dat hu mir alles dir ze verdanken! Du muss fort."

An deem Abléck koum d'Bomi Elisabeth och nach mat dem Käfeg, an diem hir Maus Mausi bis dohinner gelieft hat, eran. D'Maus Mausi läit mat engem Häerzschlag um Buedem vum Käfeg. "Hick. An elo ass och nach mäi Mausi dout. Joeren a Joeren hunn ech no diem aarme klenge Wiese gekuckt, wéi no mengen eegene Kanner, hick, an elo, ... dout! Hick, duerch dech, du Lausbouf! Hick. Dat muss een sech emol virstellen, hick, een Dinosaurier an engem Haus, hick, ..."

A mat dëse Wierder ass d'Bomi Elisabeth zesummegebrach. Beim Falen huet si sech un der Dëschdecke wëlle festhalen, an dobäi ass déi schéin, al, deier, chinesesch Vase aus der Ming-Dynastie mat op de Buedem gefall. Een Ongléck kënnt och seelen alleng.

Zum Gléck ass d'Vase iewer net gebrach, mee just iwwer de Buedem gekullert a bei der Dir leie bliwwen.

"Ma, ech konnt dach net dofir," sot de Jempi.

"Zevill ass zevill!" huet d'Bomi Anne-Marie gekrasch, "da kuck dach nëmme wat die Roboter alles ugeriicht huet. Et brauch een op d'mannst ee Mount, bis dat ganzt Haus nees an der Rei ass. A wat dat alles kascht! Nee, nee, ech däerf guer net drun denken."

An dunn ass och si ëmgefall a blouf um Buedem leien. Watfir e Bild!

De Jempi huet d'Schëllere gehuewen, de Kapp gerëselt an ass aus der Stuff gelaf. Hien hat es och elo genuch. Wéi hien zu der Stuffendir erausgaangen ass, krut en nach neelech d'Vase mat der Schungspëtzt ze paken. Flätsch, et ass elo och net méi op eng Vase ukomm...

De Jempi ass eraus an de Gaart spadséiert, dunn duerch d'Strooss gelaf, nees an de Gaart, huet en Tour laanscht d'Schoul gedréint, ass iwwer d'Bréck an de Park gejauft, huet an der Haaptstrooss d'Butteksfënsteren dräimol hannertenee gekuckt, ass en Tierchen duerch de Bësch

gelaf, huet an der Frittebud eng Fritt a beim Döner en Döner giess, huet um Futtballsterrain mat anere Kanner e Mätsch gemaach - a verluer - ass op eng Bänk op d'Gemengeplaz sëtze gaangen, an du war et endlech Zäit fir bei d'Kätti an d'Höhl ze goen.

Vläicht war d'Zoé jo och do?

Hien hat hatt an dier ganzer Opreegung bal vergiess.

**5. Elo brauche si e Plang!**

De Jempi war elo am Schoulhaff ukomm. Et war schonns am gaangen däischter ze ginn. Et huet ee gutt gemierkt, datt de Summer elo ging eriwwer goen, ëm den Owend ass et schonns eppes méi frësch ginn, d'kuerz Box an den T-Shirt waren net wéi waarm genuch. Geschwë kënnt den Hierscht, da gëtt et kal an naass. De Jempi huet missen un de Wanter denken. Hien huet sech geschuddert. Sollt hien de Wanter ganz alleng am Heem verbréngen, ouni seng Elteren an ouni d'Kätti, ... an ouni d'Zoé?

De Jempi huet op d'Auer gekuckt, nach eng Minutt viru 6 Auer. Um 6 hate si Rendez-vous. Mee vum Kätti war nach wäit a breet näischt ze gesinn. Soll hat ze spéit dru sinn? Sou kennt hien seng Fréndin net!

An och d'Zoé ass net do. Hatt wäert iwwerhaapt näischt vun hirem Treffen hei an der Höhl wëssen?

De Jempi ass duerch d'Heck geschlach an huet gewaart. Séier ass den Zär op senger Auer weidergeroost, séier ass et och dobaussen ëmmer méi däischter ginn, mee vun dienen zwee Meedercher war näischt ze gesinn.

Elo war et schonns zing op sechs. Endlech huet et an den Äscht rumouert. Et war d'Kätti, an direkt hanner dem Kätti ass och d'Zoé opgedaucht. Dem Jempi säin Häerz huet vu Freed e Saz gemaach.

"Et deet mir leed, Jempi," sot d'Kätti direkt, "mee mir waren de Mëtteg Schoulsaachen akafen. An do waren esou vill Leit ënnerwee, datt mir néierens bäikomm sinn. An elo hunn ech och nach missen d'Zoé siche goen, an du war et op eemol sou spéit."

Bingo, huet de Jempi geduecht. De Mueren hat hien, nieft der fatzeger Strof, och nach den Ziedel mat alle Schoulsaache kritt, déi d'Kanner dëst Joer brauchen, an déi se fir mar sollen dohunn. An diem ganzen Duercherneen hat hien du ganz vergiess, dien Ziedel doheem ze weisen.

"Ech hunn dien Ziedel ganz vergiess!" seet de Jempi a léisst de Kapp hänken.

"Wat, da kriss du mar eng Strof. Bei eis an der Klass sot d'Joffer, wie mar seng Saachen net do hätt, die kréich eng Strof."

"Da kréien ech alt nach eng Strof, ech hunn déi éischt nach net geschriwwen, do kënnt et dann op eng och net méi un. An

ausserdeem, wat soll ech iwwerhaapt mat diem Schoulgeschir. Ech brauch et dach souwisou net!" De Jempi kuckt op de Buedem.

"Jempi," seet d'Kätti a kuckt säi Kolleg ganz genee un, "wat ass lass? Firwat schwätz du esou een Duercherneen? Ech verstinn net, wat's du soe wëlls."

"Et ass dach alles egal. Déi Al wire mir gäre lass!"

"Also Jempi, entweder verziels du eis elo, wat geschitt ass, oder mir ginn erëm, an du kanns kucken, dass du alleng eens gëss!"

"Da gitt dach nëmmen, et ka souwisou kee mech ausstoen."

"Oh dien aarme klenge Jempi..."

"Ma klibber mech dach, Kätti!"

"Gären, ech muss mir deng schlecht Laun hei dach net gefale loossen."

D'Kätti steet op, streckt de Kapp an de Buedem an dréint sech ëm fir ze goen. D'Zoé paakt et um Aarm an hält et zréck.

"Net esou séier, Kätti. Looss de Jempi emol ausschwätzen!"

Hat setzt sech nieft de Jempi a leet him eng Hand op d'Schëller. Dem Jempi lafen eng Millioun kleng Seejomëssen de Réck erof.

"Wat ass geschitt, Jempi?"

"Ech soll mar an d'Heem."

"Wat?" elo war och nees d'Kätti hell wakereg.

"Ehem, de Mëtteg ass bei eis doheem alles drënner an driwwer gaangen; de Robbi huet ofgerappt an den Dino ass fortgelaf. An d'Bomie soen elo, alles wir meng Schold a mar misst ech an d'Heem."

Ee Moment sot kee méi eppes. Ganz roueg war et an der Höhl ginn. Dobausse war et elo och schonns bal däischter. Et ass Wand opkomm, kalen, naasse Wand, esou ee Wand bréngt normalerweis en Donnerwieder mat sech.

D'Kätti war dat éischt, dat sech nees erkritt huet: "Ma dat kënnen si dach net maachen. Si kënnen dech dach net einfach fortschécken."

"Genee dat hu se iewer wëlles. A wéi ech d'Bomi Anne-Marie an d'Bomi Elisabeth kennen, hu si schonns en Heem font, a vu mar u sinn ech guer net méi hei an der Schoul. Da brauch ech alt wéinstens meng Strofen net ze schreiwen!" De Jempi laacht sauer.

"Schwätz elo net domm, Jempi. Mir mussen eis eppes iwwerleeën, dat do geet dach net einfach esou mir näischt dir näischt." D'Kätti huet ëmmer méi haart geschwat, seng Stëmm huet sech iwwerschloen. De Wand, dien ëmmer méi fest geblosen huet, huet seng Wierder mat an d'Däischtert gedroen.

"Kätti, mir kënnen do guer näischt maachen. Wann déi zwou Bomien esou eppes beschloss hunn, dann ass dat esou. Elo sollte mir eis Äddi soen, well vläicht gesi mir eis guer net méi."

"Hal op esou ze schwätzen, soss muss ech kräischen..." D'Kätti ass elo wierklech net méi wäit vun dienen éischten Tréinen ewech. An och d'Wolleke schinge Matleed mat de Kanner zu hunn, well grad an diem Abléck sinn déi éischt Reendrëpsen op dee waarme Buedem gefall. Vu wäit ewech konnt een och elo een däischtert Rumoueren héieren. Geschwë gëtt et en zolitt Donnerwieder.

"Mir mussen heem," sot d'Kätti, "et gëtt ee Wieder. Da musse mir ënnerdaach."

"Jo, et ass besser, sech elo op de Wee ze maachen." Am léifsten hätt de Jempi bei dëse Wierder haart lassgekrasch. Mee hie wousst, datt dat elo och kee Wäert hat.

"Gëff mir deng Nummer!" sot d'Zoé op eemol.

"Meng Nummer?" de Jempi huet net verstanen.

"Ma deng Telefonsnummer, an och deng, Kätti!"

D'Kätti an de Jempi hunn dem Zoé hir Nummeren diktéiert. D'Zoé huet se a säin Handy agespäichert.

De Jempi huet zwar net verstanen, firwat dat dann elo sollt gutt sinn, mee hien huet et op alle Fall besser font, wéi elo jéimeren a kräischen.

Wéi d'Zoé fäerdeg war, huet hatt säin Handy an d'Täsch gestach, nach séier "ech melle mech!" gesot, a schwuppdiwupp war hatt verschwonnen.

De Jempi an d'Kätti hu sech ugekuckt an d'Käpp geréselt. Dono si si och aus der Höhl geschlach.

Knapps stungen si dobaussen, ass et och schonns lassgaangen. E schrecklecht Duddere fir d'éischt, an du sinn dier richteg décker Reendrëpsen néiergaangen, dier, vun deenen een an zwou Sekonne plätschnaass ass. An et huet och keng zwou Sekonne gedauert, du waren déi zwee Kanner zoppnaass.

"Ech muss elo heem!" sot Kätti, an huet dem Jempi an d'Ae gekuckt.

De Jempi huet mat Kapp gewénkt. "Äddi!" war alles wat hien nach erauskrut.

"Äddi!" sot och d'Kätti, a fort war et.

De Jempi ass eng Minutt stoe bliwwen, dunn huet och hie sech duerch de Schloereen heem gemeet. Mee hien huet sech net geflass.

Wéi hien endlech d'Hausdir opgemaach huet, stunge schonns seng gepaakte Walissen am Gank. D'Bomien haten also scho gutt geschafft a fir mar alles preparéiert.

De Jempi ass direkt op seng Kummer gaangen, huet de Kapp an d'Kësse gedréckt an huet ugefaangen ze kräischen.

## 6. Aktioun Plutoman

Hien hat schonns mat enger vun diene villen Nuechte gerechent, an dienen een net schlofe kann, wou ee vun enger Säit op déi aner wenzelt, schweesst, an einfach net zur Rou kënnt. Oder iewer hien huet nees esou een ellenen Dram, wou de Revolver-Metty him d'Schéiss op d'Broscht setzt, hie leeft a leeft, an e kënnt iewer net weider.

Esou Gedanke ginn dem Jempi duerch de Kapp, wéi den Telefon rabbelt.

„Jo!"

„Hei ass d'Zoé. Komm séier an d'Höhl. Ech kann elo net schwätzen, ech soe just „Aktioun Plutoman".

„Aktioun Plutoman?" De Jempi wousst net, wat hie vum Zoé senge Wierder hale sollt.

„Dajee, séier an d'Höhl!"

„Em dës Zäit?" De Jempi kuckt op d'Auer. Et ass halwer elef. Elo kann hien dach net einfach an d'Höhl. „Spënns du?"

„Et ass elo net de Moment, fir ze diskutéieren, wien hei spënnt!" Esou resolutt hat de Jempi d'Zoé nach net erlieft. „Entweder bass du um elef Auer an der Höhl, oder du fiers mar wierklech an d'Heem. An da gesi mir eis net méi erëm. Hues du dat verstanen?!"

De Jempi wousst net, wat hien äntwerte sollt. Dat eenzegt, wat hien nach erauskrut, war: „Jojo, bis herno!" Dunn huet hien agehaang a fir d'éischt emol guer näischt gemaach. Hie soutz einfach op sengem Bett an huet viru sech gestierkt.

„Aktioun Plutoman"... a wat soll dat da sinn? Sollt d'Zoé sech eppes iwwerluecht hunn? Sollt hatt eng Iddi hunn? Sollt hatt iewer een Auswee aus diem Schlamassel font hunn?

Wéi de Blëtz war de Jempi elo aus dem Bett. Séier an d'Gezei gehopst a bei d'Höhl gerannt.

Dobausse war et kal, an de Jempi war frou, datt hie seng waarm Wanterjakett ugedoen hat.

„Bass du endlech do!" huet d'Zoé hien empfaangen, an och d'Kätti soutz ënner den Hecken an huet an der Keelt geziddert.



„Ma da lauschter elo emol gutt no Jempi, elo verzielen ech dir, wat d'Aktioun Plutoman ass..."

An elo konnt de Jempi just nach staunen. D'Zoé hat e fäerdegen „Jempi-Rettungs-Plang" entwéckelt, dien hatt „Aktioun Plutoman" genannt huet, well de Robbi, die klenge Roboter, doranner eng wichteg Roll spille sollt. D'Zoé hat de Robbi och op e Bild gemoolt, an drënner geschriwwen: „den Alien vum Pluto".

Dem Jempi sinn d'Aen an d'Oueren opstoe bliwwen; hien huet just mam Kapp gewénkt. Mee wat d'Zoé méi verzielt huet, wat de Jempi méi gelaacht huet.

A wéi hatt fäerdeg war, ass de Plang direkt an d'Wierklechkeet emgesat ginn...

Dien éischte Schrack war, an d'Haus vun dienen zwou Bomien Anne-Marie an Elisabeth eranzeschläichen an de Robbi ëmzeprogramméieren. Aus diem liewe klenge Botzroboter huet de Jempi a knapps enger halwer Stonn eng fierchterlech „Gehei-alles-op-d'Kopp-Maschinn" gemaach. Mar de Mueren, um Punkt sechs Auer, sollt de Robbi, dien elo „Plutoman" geheescht huet, ufänken, sengem Numm all Eier ze maachen.

Dien zweete Schrack war, dienen zwou Bomien e Bréif ze schreiwen. An diem Bréif huet de Jempi Äddi gesot, hie wir

schonns um Wee fir an d'Heem, an hie wéilt och ni méi heihinner bei déi zwou Bomien zréckkommen. De Bréif hunn déi dräi dunn op de Kichendësch geluecht, esou datt d'Bomien en op alle Fall och nach an diem déckste Duerchernee fanne sollten.

Dien drëtte Schrack vum Plang huet dem Jempi am beschte gefall. Hien huet seng Walisse gekroopt an ass mam Zoé heemgaangen. D'Zoé hat et tatsächlech fäerdeg bruecht, seng Elteren dovunner ze iwwerzeegen, datt „dat aarment klengt Weesekand Jempi, diem seng Eltere bei engem Akzident leie bloufen, an dien elo vun sengen zwou Bomien schrecklech gepisackt gëtt“, dierft fir eng Zäit bei hinne wunnen. Dem Zoé seng Mamm hat bal gekrasch, wéi hatt hir dem Jempi säi ganze Misère verzielt hat.

Esou gutt wéi an dëser Nuecht hat de Jempi nach ni geschlof. Hien huet sech schonns op dien anere Muere gefreet.

A pünktlech um 6 Auer stungen déi dräi virun de Bomien hirem Haus. A pünktlech um 6 Auer ass et och schonns lassgaangen:
De Robbi, also elo de Plutoman, huet am ganzen Haus d'Krunnen opgedréint an all Waassersteen a Buedbidden iwwerlafe gelooss. Dono koum der Bomi Elisabeth hire Kleederschaf duerch d'Fënster an de Gaart geflunn; kuerz drop ass de Robbi-Plutoman mam Rasenmäher iwwer de perseschen Teppech an der gudder Stuff gefuer an zu gudder lescht ass der Bomi Anne-Marie hir ganz Bijoux-

Kollektioun op de Birebam nieft dem Haus gehaange ginn, et huet ee bal gemengt, et wir schonns Chrëschtdag.



Während enger gudder halwer Stonn huet emol e Rouer geknuppt, ass eng Fënsterscheif zersplittert, eng Dunn gerass, eng Leitung geplatzt, eng Decken zerrass, eng Mauer gebascht, ...

Déi dräi virum Haus hu gekickelt a gelaacht. A wéi d'Bomie bis op d'Dir gelaf koumen an nom Jempi gebläert hunn, du woussten si, datt d'Aktioun „Plutoman" bestëmmt e volle Succès gi wäert.

An die éischt dräi Schrëtt hu si e Mount laang, Dag fir Dag, widderholl: owes ass de Robbi programméiert ginn, a mueres huet hien dann nees alles op d'Kopp gehäit am Haus, bis d'Bomien em dem Jempi seng Hëllef gebiedelt hunn. All déi Zäit huet de Jempi beim Zoé gewunnt. Dat huet hien nach bal am flottste font.

Mee enges Daags hunn dunn dem Zoé seng Elteren iewer gemengt, datt de Jempi elo esou lues misst nees heem. Du

war et un der Zäit fir die véierten a leschte Schrack vum Plang.

Wéi all Nuecht, si si och dës Nuecht nees heemlech an dat elo zimlech matgehollen Haus geschlach. Mee dës Kéier hu si de Robbi net nei programméiert, mee si hunn e matgeholl. An d'Plaz hu si de Bomien en neie Bréif op de Kichendësch geluecht:

*Léif Bomi Anne-Marie, léif Bomi Elisabeth,*
*Et gëtt elo esou lues Zäit, datt ech mech emol nees em iech këmmeren, well alleng schingt dir jo net eens ze ginn. Déi modern Technik ass jo och näischt fir zwou esou al Madammen, do muss einfach e jonke Borscht hëllefen.*
*Nëmmen ir ech nees bei iech zwou al Trutsche wunne kommen, hätt ech iewer nach e puer Wënsch:*

1. *Jidderee këmmert sech em seng Saachen!*
2. *D'Nopere sinn tabu!*
3. *Wat ech a menger Fräizäit maachen ass meng Saach!*
4. *Ech sinn net méi äre Sklav!*

*An dann hunn ech nach e leschte Wonsch, an dat ass die wichtegsten: ECH WELL NI MEI WAARM MELLECH!*

*Wann dir domadder d'accord sidd, dann hängt fir mar de mueren um sechs Auer de wäisse Fändel an de Birebam.*

*Alles Guddes,*
*Äre Jempi*

A wéi d'Kätti, d'Zoé an de Jempi dien nächsten Dag mueres bei de Bomien hiert Haus koumen, do hu se iewer net schlecht gestaunt: déi zwou al Trutschen haten e riisegt Lëlldech an de Birebam gestréckt an allenzwou stungen si an der Dir op de Jempi ze waarden: d'Anne-Marie hat eng Quetschentaart an der Hand an d'Elisabeth eng Taass äiskal Mëllech.

## Nowuert:

Wéi d'Madame Agnès Poupart vun der Ëlwenter Kulturkommissioun mech gefrot huet, fir en Atelier „Kreativt Schreiwen" mat Kanner zwëschen 12 a 15 Joer ze leeden, war ech dien éischte Moment emol skeptesch. Wann ee selwer Schoulmeeschter ass, an all Dag mat Kanner ze dinn huet, déi alles mee net schreiwe wëllen, da plot een sech net onbedéngt gären och nach a senger Fräizäit mat esou Problemer.

D'Argumenter, déi mech dunn iewer ëmgestëmmt kruten, waren, datt d'Kanner den Atelier fräiwëlleg besiche sollten; et sollt e klenge Grupp sinn, an datt et net méi laang wéi eng Stonn sollt daueren. Déi sechs Workshops waren op folgend Datummer: 14.10.2003, 16.10.2003, 21.10.2003, 23.10.2003, 4.11.2003, 6.11.2003 ëmmer mëttes vun 3 bis 4 Auer.

An elo sinn ech frou, datt ech zougesot hunn! D'Aarbecht mat de Kanner war flott, si si gäre komm, hu vill geschriwwen an hir Geschicht ass immens flott ginn.

Am Ufank vun all Unitéit hunn ech virgelies. Aus engem vu menge Bicher: „Eng Foto vum (Klëppel)Krich“, „Dem Kinnek säi Gaart“ an „Iwwer der Leeder“. Dono hu mir da probéiert, och an diem Stil oder diem Toun ze schreiwen.

Mir hunn zesumme festgeluecht, wat an der Geschicht sollt passéieren a wéi eng Personage sollten doranner optrieden. All d’Virschléi vun de Kanner si berécksichtegt ginn, esou datt all d’Persounen aus der Geschicht vun de Kanner erfont an och entwéckelt goufen. Dono huet jiddereen ee Kapitel geschriwwen. An der Allerhellgevakanz hunn ech dunn de Kanner hir Aarbechten iwwerschafft an zesummebruecht.

No der Vakanz hu mir déi fäerdeg Geschicht nach eng Kéier gelies an e Schluss dofir gesicht. Esou ass lues a lues dien Text entstanen, dien Dir, léif Leit, elo just, esou hoffen ech op alle Fall, mat vill Freed a Spaass gelies hutt.

E ganz grousse Merci der Madame Agnès Poupart an der Ëlwenter Kulturkommissioun fir d’Organisatioun vum Atelier an d’Finanzéierung vum Drock.

En Extra-Merci mengem Kolleg Remy Kraus fir seng frëndschaftlech Lektoratshëllef.

Die gréisste Merci iewer dem Maï, dem Ruth, dem Metty, dem Eric, dem Raoul an dem Jonas fir déi vill flott Iddien an déi immens schéi Stonnen!

Am November 2003
Roland Meyer